PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Eltere vu Kanner mat enger Behënnerung gi viru vill Erausfuerderungen an hirem Alldag gestallt. Esou zum Beispill och, wann et drëms geet, mat Kanner, déi am Rollstull setzen, an de Supermarché ze goen. Déi kleng Sëtzfläch, déi et a verschiddene Caddie gëtt, ass oft net grouss genuch, fir dass och nach eeler Kanner kéinten dra Plaz huelen. An Amerika huet eng jonk Mamm vun engem klenge Meedchen, dat duerch kierperlech Behënnerungen a senger Beweegungsfräiheet ageschränkt ass, dofir ee Caddie entworf, an deem Kanner och nach Plaz huele kënnen, wann se méi grouss sinn. Esou muss d'Mam net méi de Caddie an de Rollstull gläichzäiteg duerch de Supermarché drécken. Déi jonk Mam huet an den USA schonn e puer Supermarchéë vun hirer Iddi iwwerzeege kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Hunn d'Ministere scho vun esou Initiativen héieren?
   Falls jo, envisagéieren d'Ministeren den Asaz vun esou Caddien an de Supermarchéen ze encouragéieren oder, zum Beispill am Kader vun engem Pilotprojet, souguer ze subventionéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Députë